

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

De "Rat für deutsche Rechtschreibung" huet an enger Pressematdeelung vum 26.3.2021 bekräftegt, datt hie sech aktuell net derfir ausschwätze kéint, fir verkierzt Kennzeechnungsforme vu Méigeschlechtlechkeet (z.B. den "Gender-Gap" oder den "Gender-Stär") an dat "Amtliche Regelwerk der deutschen Rechtschreibung" opzehuelen. Trotzdeem ginn dës typografesch Zeechen an eiser Gesellschaft ëmmer méi a vereenzelte Kreesser benotzt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Lëtzebuerg ass Member mat engem Sëtz am "Rat für deutsche Rechtschreibung", huet do awer kee Stëmmrecht. Kann den Här Minister erklären, firwat dat sou ass? Kéint een d'Stëmmrecht an dësem Gremium net als politescht Zil festhalen?
- 2) Wéi eng Meenung vertritt de Lëtzebuerger Verrieder an dësem Gremium zum Thema "gendergerecht Sprooch"?
- 3) Gëtt de Lëtzebuerger Verrieder am "Rat für deutsche Rechtschreibung" vun der Regierung ernannt? No wat fir enge Critèrë gëtt hien ausgewielt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten